N°3594
Entrée le 04.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus weiderzeleeden.

Am Nohaltegkeetskonzept fir den Tourismus zu Lëtzebuerg ënnersträicht d'Regierung ënner Anerem d'Wichtegkeet vun enger nohalteger Tourismusoffer fir jiddereen. Dozou zielt ënner anerem den Ausbau vun der ëmweltfrëndlecher, touristescher Mobilitéit zu Lëtzebuerg. Fir d'Ëmsetzung vun dem Konzept ze moossen huet de Ministère verschidde Moossnamen an Indicateure virgesinn.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt eng nohalteg Entwécklung vum Tourismus op Lëtzebuerg och Hand an Hand mat dem Ausbau vun nohaltegen Ureesméiglechkeete geet?
2. Ginn bei der Moossnam, eng ganzheetlech touristesch Mobilitéitsanalys ze maachen, och d'Ureesméiglechkeeten op Lëtzebuerg mam Zuch a Betruecht gezunn?
3. Wéi moosst d'Regierung d'CO2-Emissiounen am Tourismus? Gëtt d'Urees vun Touriste mat a Betruecht gezunn?
4. Wat ass d'Gesamtzuel vun Iwwernuechtungsgäscht déi 2025 mat Bus an/oder Zuch ugereest sinn?
5. Gouf et zanter November 2023 formell Echangen tëschent dem Mobilitéitsministère an der Direktioun vum Tourismus vum Wirtschaftsministère iwwert de Notze vun enger besserer Ubannung vu Lëtzebuerg un d'europäescht Zuchnetz an/oder d'Nuetszuchnetz fir d'Attraktivitéit vum Land an d'Promotioun vun enger méi doucer Form vun Tourismus?

Mat déiwem Respekt

Yves Cruchten

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu